# MOIEN

Eng Bréck fir eis Sprooch

a.s.b.l.

2005 • 2022 — INFOBLAT Nr. 26 — DEZEMBER 2022



D'Moien ASBL besteet scho bal 20 Joer a soll a wëll weiderbestoen.

Dofir brauche mir léif Mataarbechter an eisem Kommitee, déi eis eng Hand mat upaken, esouwéi motivéiert Formatricen a Formateuren.

Zesummen als Ekipp kënne mir dës flott Initiativ weiderféieren.

# Iwwerbléck


- Statistiken: Schouljoer 2022 3
- Den 32. Formateursdag 4,5
- Den 33. a 34. Formateursdag 6
- Visite guidée vun de Lampertsbierger Geschichtsfrënn 7, 8
- Generalversammlung de 25. Mäerz 2022 9, 10
- Generalversammlung den 28. Oktober 2022 11
- E Bléck op eis Coursen 12, 13, 14
- D'Walfer Bicherdeeg 2022 an déi 5. Ortho-Oplo 15
- RTL-Dictée am Kader vun de Walfer Bicherdeeg 2022 16
- Den neie "Reenert" 17
- Aus den Nouvellen: 18
- Léier Lëtzebuergesch online (llo.lu) 18, 19
- fuschnei LOD.lu 20
- Schreifmaschinn.lu 21
- Lancement vum neien Internetsite lux.lu 22
- Retrospektiv 2021 – 2022/23 23

- Merci 24

## Statistiken: Schouljoer 2022

**Schouljoer 2021-2022 :**

| Coursen 2021-2022 | Zäit | Coursë via Zoom | Coursen am Sall | Coursen am Total | Stonne pro Cours | Niveau |
|---|---|---|---|---|---|---|
| **Jores-Sessioun 1** | 09.21 - 12.21 | 13 | 7 | 20 | 46 | A1.1 - B1.2 |
| Conversatiounscours | 09.21 - 04.22 | 0 | 1 | 1 | 50 | B2 |
| Orthografiescours | 10.22 - 12.22 | 0 | 1 | 1 | 10 | avancés |
| **Jores-Sessioun 2** | 01.22 - 05.22 | 16 | 7 | 23 | 46 | A1.1 - B1.3 |
| **Summer-Sessioun** | 06.22 - 07.22 | 12 | 5 | 17 | 46 | A1.1 - B1.3 |
| **TOTAL:** | | 41 | 21 | **62** | | |
| **TOTAL Apprenanten: 1007** | | | | | | |

am Verglach zu anere Joren

| | 2018-2019 | 2019-2020 | 2020-2021 | 2021-2022 |
|---|---|---|---|---|
| Jores-Sessiounen | 2 | 2 | 2 | 2 |
| Summer-Sessiounen | 1 | 1 | 2 | 1 |
| Nationalitéitscoursen | 3 | 1 | 1 | 0 |
| Conversatiounscoursen | 1 | 3 | 1 | 1 |
| Orthografiescoursen | 0 | 0 | 2 | 1 |
| Coursen | 62 | 50 | 59 | 62 |
| Apprenanten | 974 | 838 | 902 | 1007 |
| Nationalitéiten | 84 | 79 | 80 | 79 |

Statistiken aus dem GICEA :

Opdeelung vun den Apprenante bei MOIEN ASBL :

| année scolaire | nombre de cours | hommes | % | femmes | % | total des participants |
|---|---|---|---|---|---|---|
| 2018/2019 | 62 | 360 | 37 | 614 | 63 | 974 |
| 2019/2020 | 50 | 326 | 39 | 512 | 61 | 838 |
| 2021/2021 | 59 | 326 | 36 | 576 | 64 | 902 |
| 2021/2022 | 63 | 308 | 31 | 699 | 69 | 1007 |

## Den 32. Formateursdag

den 19. Mäerz 2022, am Centre culturel "An der Eech"

WIKIMEDIA LËTZEBUERG ASBL

MOIEN-Eng Bréck fir eis Sprooch ASBL

Lëtzebuerg, den 22. Februar 2022

Léif Formateuren,

MOIEN ASBL invitéiert iech all häerzlech op hiren 32. Formateursdag:

**Konferenz vu Wikimedia Lëtzebuerg ASBL iwwert WIKIPEDIA.**

E Samschdeg, den 19. Mäerz 2022 vu 14:00 bis 16:30 Auer
am Centre culturel "An der Eech" 4, Rue Eich, L-3352 Leudelange

**MELLT IECH WGL. BIS DE 15. MÄERZ UN OP moienasbl@pt.lu,**

**3G Evenement.**

Wat ass Wikipedia eigentlech?
Wéi funktionéiert Wikipedia?
Wien däerf an d'Wikipedia schreiwen?
Wie kontrolléiert a verbessert all déi Artikelen?
Muss een sech umellen, fir däerfe matzeschaffen?
Wat ass Wikimedia, Wikidata, Wikimedia-Commons, asw?

**Wousst dir schonn?**

- Wikipedia, déi fräi Enzyklopedie, gëtt et zanter Januar 2001.
- Um Ufank vu Wikipedia stoung d'Visioun vum Jimmy Wales:
  *"Stell der eng Welt vir, an där all eenzel Persoun op dem Planéit fräien Zougank huet op d'Zomm vun allem mënschleche Wëssen."*
- Wikipedia gëtt et aktuell an 314 Sproochen.
- An alle Sproochen zesumme gëtt et iwwer 58 Milliounen Artikelen.
- Op der Wikipedia op Englesch gëtt et 6,4 Milliounen Artikelen,
  op Däitsch iwwer 2,6 Milliounen, op Franséisch iwwer 2,4 Milliounen,
  op Portugisesch iwwer 1 Millioun Artikelen.
- Op der Wikipedia a Lëtzebuerger Sprooch, déi zanter Juli 2004 besteet,
  gëtt et iwwer 60.000 Artikelen.
- Wikipedia ass fir jidderee fräi zougänglech, se ass gratis, et brauch een sech net unzemellen, fir se ze notzen an et gëtt keng Reklammen.

Lëtzebuerg, den 22. Februar 2022

**RAPPORT**

**Konferenz vu WIKIMEDIA Lëtzebuerg ASBL iwwert WIKIPEDIA**

Den 19. Mäerz 2022 huet d'Moien ASBL d'Formatricen an d'Formateuren op eng Konferenz iwwert WIKIPEDIA agelueden. Déi Konferenz ass am Centre Culturel zu Leideleng gehale ginn.

Am Ufank huet den Här Jean-Louis Gindt eis erkläert, wat WIKIPEDIA eigenltlech ass. Et ass eng Encyklopedie um Internet, déi déi déck Bicher ersat huet. Se ass fräi zougänglech a gratis. Duerno krute mer erkläert, wéi dat alles funktionéiert. Jiddereen däerf eigentlech en Artikel schreiwen oder kontrolléieren oder verbesseren. Et däerf een awer just bei konkreeten Theemae bleiwen a keng politesch, reliéis oder perséinlech Iddien ausdrécken.

D'Ekipp vu WIKIMEDIA ass dee Grupp, dee sech zu Lëtzebuerg ëm *lu.wikipedia.org* këmmert. Dat si Benevollen, déi nei Artikele schreiwen, Artikele verbesseren oder ergänzen.
Am zweeten Deel vum Nomëtteg huet den Här Gindt en neien Artikel iwwer MOIEN ASBL op WIKIPEDIA gesat.

Zum Schluss hunn e puer Formateure Froe gestallt an d'Equipp huet ganz gär dorop geäntwert.

*Rapport vum Geneviève Magnette-Barthel*

| Moien – Eng Bréck fir eis Sprooch | |
|---|---|
| Zweck: | Promotioun vum Lëtzebuergeschen |
| Presidentin: | Denise Heiderscheid |
| Grënnungsdatum: | 16. Abrëll 2005 |
| Sëtz: | Lëtzebuerg |
| Websäit: | https://moienasbl.lu/ |

**Moien – Eng Bréck fir eis Sprooch** ass eng lëtzebuergesch a.s.b.l. déi de 16. Abrëll 2005 gegrënnt gouf[1]. D'Grënnerinn an éischt Presidentin war d'Jackie Weber-Messerich.

D'Ziler vum Veräin sinn:

- Lëtzebuergesch Coursen ze halen, an den auslännesche Matbierger d'Lëtzebuerger Sprooch an d'Schreifweis méi nozebréngen.
- Formateursdeeg ze organiséieren, fir den Austausch tëscht de Formateuren ze erméiglechen a fir den Oflaf vun de Coursen ze optimiséieren.
- Derzou bäizedroen fir d'Integratioun duerch d'Sprooch an d'Kultur ze fërderen.

D'Coursë fir Erwuessener hunn de Label de Qualité a si vum Service de la Formation des Adultes vum Educatiounsministère konventionéiert, vun deem de Veräin och subventionnéiert gëtt.

### Statistik iwwer d'Coursë vun de leschten dräi Joer [ änneren | Quelltext änneren ]

| Joer | Coursen | Männer | Fraen | Total Aprenanten | Certificaten (SFA) |
|---|---|---|---|---|---|
| 2018/2019 | 62 | 360 | 614 | 974 | 759 |
| 2019/2020 | 50 | 326 | 512 | 838 | 598 |
| 2020/2021 | 59 | 326 | 576 | 902 | 716 |

### Referenzen [ Quelltext änneren ]

1. ↑ Memorial C N° 952 vum 28. September 2005 S. 45677

Kategorien: Lëtzebuergesch Sprooch | Veräiner an Organismen zu Lëtzebuerg

## Den 33. an 34. Formateursdag

## de 7. an de 14. Mee 2022, am ZLS

**Remark:** Duerch dat grousst Interessi un dësem Formateursdag gouf en zwee Mol gehalen.

Lëtzebuerg, den 21. Mäerz 2022

Léif Formateuren,

mir invitéieren iech ganz häerzlech op ee vum ZLS organiséierten an aussergewéinleche Formateursdag, e **Samschdeg, de 7. Mee um 9:15 Auer am ZLS** (Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch). Adress: 163, Rue du Kiem, 8030 Stroossen.

**Programm vum Dag:**
***Moies vun 9:30 bis 11:30 Auer***

**1. Stonn:**
Pre-Test vun der Zertifizéierung vun der Lëtzebuerger Orthografie.
150 Froen an der Orthografie, déi anonym beäntwert ginn.
Et geet drëms, fir e gudden a repräsentativen Ortho-Test auszeschaffen.
Do ass äre Formateurs-Input méi wéi wëllkomm!

**2.Stonn:**
Eng LOD-Iwwerraschung. Eng Avant-première!
Fir d'Moien ASBL gëtt eppes Fonkelneies virgestallt, dat zanter Méint a Preparatioun ass.

***Paus vun 11:30 bis 12:45 Auer***
Mir maachen zesummen e Picknick am ZLS. Jidderee bréngt säin Iessen a Gedrénks mat.

***Mëttes vun 13:00 bis 15:00 Auer***
Aféierung an d'Etymologie mam Dr. Sam Mersch.

**Mellt iech wgl. bis den 31. Mäerz 2022 un. Per E-Mail op moienasbl@pt.lu.**
Mir freeën eis, d'Ekipp vum ZLS an iech op dësem Formateursdag erëmzegesinn.

Denise Heiderscheid fir de Comité vu Moien - Eng Bréck fir eis Sprooch ASBL

# Visite guidée vun de Lampertsbierger Geschichtsfrënn

Lampertsbierger
Geschichtsfrënn
a.s.b.l.



MOIEN
Eng Bréck fir eis Sprooch
a.s.b.l.

Lëtzebuerg, de 4. Oktober 2022

Léif Kolleeginnen, léif Kolleegen,
Léif Membere vun der Moien ASBL,

Zwee Joer laang konnte mir iech keng Visitt ubidden. Als Unerkennung fir är Memberschaft iwwerhëlt d'Moien ASBL d'Fraise vun dëser Visitt.

Dofir invitéiere mir iech ganz häerzlech op en historeschen Trëppeltour iwwer de Lampertsbierg,

**e Samschdeg, de 15. Oktober**

Dës Visitt *"Historeschen Trëppeltour iwwert de Lampertsbierg"* gëtt vum Här Anicet SCHMIT, President vun de Geschichtsfrënn vum Lampertsbierg, selwer geleet.
Hie wäert eis en interessanten Abléck an d'Geschicht an d'Entwécklung vum Lampertsbierg ginn, gekoppelt mat enger oder där anerer Anekdot.
Et wäert en Tour vun ongeféier enger gudder anerhallwer Stonn (bis zwou Stonnen) sinn.
Den Depart ass um 10:00 Auer bei hirem Sall, op Nummer 49 Ermesindestrooss, beim Tramsschapp.
Hei e puer Etappe vum Trëppeltour:

*Tramsschapp - Rue des Roses – Handwierkerschoul - Piffkaul – Juddekierfecht -Pilier Bréck – Grenzsteen - Péiter Onrou - Bd. Servais – Meedercherslycée - Glacis - Bourg Gemen (Rousenziichter) – Kierch - Schoul Henri VII – Jongelycée – Hall Victor Hugo – Tramsschapp*

Nom Trëppeltour gi mir eis stäerken an de Restaurant Porta Nova an der Faïenceriesstrooss.
Et besteet och d'Méiglechkeet am Sall vun de Geschichtsfrënn d'Buch "De Lampertsbierg – Histoire d'un quartier florissant" ze kafen respektiv och d'DVD vum Film vum Joy Hoffmann.

Mir géifen eis freeën, iech erëmzegesinn; sot eis wannechgelift bis de 7.Oktober Bescheed.
Dës kulturell Visitt gëllt och fir de Portfolio vum SFA.



**RENDEZ-VOUS: 9:45**

*49, rue Ermesinde*
*L-1469 Lampertsbierg*

Mellt Iech wannechgelift **bis den 10. Oktober** un op moienasbl@pt.lu
Deelt eis mat, ob dir nëmmen un der Visitt deelhuelt
oder och mat an de Restaurant iesse gitt.



Fir de Comité vu Moien „Eng Bréck fir eis Sprooch“ ASBL

| | | |
|---|---|---|
| Denise Heiderscheid | Lydia Thommes Baur | Anicet Schmit |
| *Presidentin* | *Formatrice an Organisatrice* | *President* |
| *MOIEN ASBL* | | *Geschichtsfrënn* |
| | | *vum Lampertsbierg* |

# Generalversammlung de 25. Mäerz 2022

Lëtzebuerg, den 8. Mäerz 2022

Léif Memberen,

Mir invitéieren Iech op eis Generalversammlung
**E FREIDEG, de 25. Mäerz ëm 19:00 Auer**
**am grousse Sall vum CLAE / CovidCheck 3G**
26, rue de Gasperich L-1617 Luxembourg

Dagesuerdnung:

1. Begréissung vun der Presidentin
2. Aktivitéitsrapport vun der Sekretärin
3. Rapport vun der Tresorière
4. Rapport vun de Keesskontrolleren
5. Decharge vum Comité
6. Deelweis Neiwal vum Comité. Memberen, déi austrieden an erëm wielbar sinn: Geneviève Barthel, Gaby Muller, Sonja Colling, Stéphanie Ternes, Monique Harslem
7. Éierung vun der Trésorière Geneviève Magnette-Barthel
8. Éierung vun der Sekretärin Monique Harslem
9. Wal vun de Keesskontrolleren
10. **Ännerung vum Artikel 24 vun de Statuten**
11. Hommage un den Här Henri Losch
12. Programm fir 2022
13. Fräi Aussprooch
14. Schlusswuert vun der Presidentin

Uschléissend invitéiere mir all Participante vun der Generalversammlung op e Patt an de Quadro Delizioso, 24 rue de Gasperich, 1617 Luxembourg

**Mir wiere frou, wann Dir un eiser Generalversammlung deelhuele kéint.**
Dir kënnt dee grousse Parking vum Restaurant nieft dem CLAE (Entrée) benotzen.

Mellt iech wgl. op moienasbl@pt.lu un.

De Comité vun der MOIEN - Eng Bréck fir eis Sprooch ASBL



*Foto vun der Generalversammlung: (vu lénks no riets)*

Monique Harslem / Denise Heiderscheid / Jackie Weber Messerich / Geneviève Magnette Barthel



Illustratioun vum Roger Leiner  (2005) fir dem Henri Losch säin Text **Esch an déi Escher Leit, vu bausse gesinn** (virgelies vum Jackie)

*Hien, deen sech erkéngt, eppes iwwer d'Stad Esch an hir Leit ze schreiwen, kënnt aus dem Hondséislek, dat heescht, aus der Siicht vu villen Escher, well, an dat muss ee wëssen: Fir déi aus der Stad geet d'Éislek zu Miersch un, a fir munnech Escher schonn zu Walfer.*
*...*

## Generalversammlung vum 28. Oktober 2022

Lëtzebuerg, de 14. Oktober 2022

Léif Memberen,

Mir invitéieren Iech op eis Generalversammlung

**E FREIDEG, den 28. Oktober ëm 19:00 Auer**
**am grousse Sall vum CLAE**
26, rue de Gasperich L-1617 Luxembourg

Dagesuerdnung:

1. Begréissung vun der Presidentin
2. Aktivitéitsrapport vun der Sekretärin
3. Rapport vun der Tresorière
4. Rapport vun de Keesskontrolleren
5. Decharge vum Comité
6. Wal vun de Keesskontrolleren
7. Programm vum 31. Juli 2022 bis den 31. Juli 2023
8. Fräi Aussprooch
9. Schlusswuert vun der Presidentin

Uschléissend invitéiere mir iech no der Generalversammlung an de Quadro Delizioso, 24 rue de Gasperich, 1617 Luxembourg. D'Moien ASBL kann nëmme bestoen, wann en Team sech derfir asetzt an dofir wëlle mir iech ganz besonnesch Merci soen.

**Mir wiere frou, wann Dir un eiser Generalversammlung deelhuele kéint.**
Mellt iech wgl. op moienasbl@pt.lu un, fir d'Generalversammlung a fir d'Iessen.

Dir kënnt dee grousse Parking vum Restaurant nieft dem CLAE (Entrée) benotzen.

Denise Heiderscheid
Presidentin
MOIEN ASBL

## E Bléck op eis Coursen

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Service de la formation des adultes

# LËTZEBUERGESCHCOURSEN

**1ère SESSION 22–23**

**lu–me 19.09 – 12.12.2022 ma–je 20.09 – 13.12.2022 Tarif: 138€ / 46h**

| Code | Niveau CECR | Horaire | Jour | Durée | Lieu |
|---|---|---|---|---|---|
| LA–LB–370–22–23 | A1.1 | 09:00 – 11:00 | lu–me/19.9 | 46h | Zoom |
| LA–LB–371–22–23 | A1.1 | 18:30 – 20:30 | lu–me/19.9 | 46h | Mondercange |
| LA–LB–372–22–23 | A1.1 | 12:00 – 14:00 | lu–me/19.9 | 46h | Zoom |
| LA–LB–373–22–23 | A1.1 | 18:30 – 20:30 | ma–je/20.9 | 46h | Zoom |
| LA–LB–595–22–23 | A1.1 | 18:30 – 20:30 | ma–je/20.9 | 46h | Athénée |

| | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| LA–LB–374–22–23 | A1.2 | 09:00 – 11:00 | ma–je/20.9 | 46h | Zoom |
| LA–LB–375–22–23 | A1.2 | 18:30 – 20:30 | lu–me/19.9 | 46h | Athénée |
| LA–LB–376–22–23 | A1.2 | 18:30 – 20:30 | lu–me/19.9 | 46h | Zoom |

| | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| LA–LB–377–22–23 | A2.1 | 09:00 – 11:00 | ma–je/20.9 | 46h | Hellange |
| LA–LB–378–22–23 | A2.1 | 17:30 – 19:30 | lu–me/19.9 | 46h | Zoom |
| LA–LB–379–22–23 | A2.1 | 18:30 – 20:30 | ma–je/20.9 | 46h | Athénée |
| LA–LB–626–22–23 | A2.1 | 18:30 – 20:30 | lu–me/19.9 | 46h | Zoom |

| | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| LA–LB–380–22–23 | A2.2 | 09:00–11:00 | lu–me/19.9 | 46h | Zoom |
| LA–LB–381–22–23 | A2.2 | 18.30– 20.30 | lu–me/19.9 | 46h | Athénée |

| | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| LA–LB–385–22–23 | A2.3 | 18:15– 20:15 | ma–je/20.9 | 46h | Zoom |

| | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| LA–LB–382–22–23 | B1.1 | 09:00 – 11:00 | ma–je/20.9 | 46h | Zoom |
| LA–LB–383–22–23 | B1.1 | 18:30 – 20:30 | ma–je/20.9 | 46h | Zoom |
| LA–LB–606–22–23 | B1.1 | 18:15 – 20:15 | lu–me/19.9 | 46h | Zoom |

| | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| LA–LB–386–22–23 | B1.2 | 09:30 – 11:30 | ma–je/20.9 | 46h | Zoom |

**Cours de conversation: lu 19.9.22–24.4.23 / ve 23.9.22–28.4.23** **Tarif: 150€ / 50h**

| | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| LA–LB–408–22–23 | B2 | 18:30 – 20:30 | lundi | 50h | Zoom |

**Cours d'orthographie 22–23** **Tarif: 30€ / 5 x 2h**

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| LA–LB–389–22–23 / débutants | 09:00 – 11:00 | jeudi | 10h | Berchem |

**2e SESSION 22–23**

**lu–me 23.01 – 03.05.2023 ma–je 24.01 – 02.05.2023 Tarif: 138€ / 46h**

| Code | Niveau CECR | Horaire | Jour | Durée | Lieu |
|---|---|---|---|---|---|
| LA–LB–656–22–23 | A1.1. | 08:30 – 10:30 | ma–me | 46h | Zoom |
| LA–LB–387–22–23 | A1.1. | 09:00 – 11:00 | lu–me 23.1 | 46h | Zoom |
| LA–LB–388–22–23 | A1.1. | 18:30 – 20:30 | lu–me 23.1 | 46h | Zoom |
| LA–LB–655–22–23 | A1.1. | 12:00 – 14:00 | lu–me 23.1 | 46h | Zoom |

| | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| LA–LB–390–22–23 | A1.2 | 09.00 : 11:00 | lu–me 23.1 | 46h | Zoom |
| LA–LB–391–22–23 | A1.2 | 18:30 – 20:30 | lu–me 23.1 | 46h | Mondercange |
| LA–LB–392–22–23 | A1.2 | 12:00 – 14:00 | lu–me 23.1 | 46h | Zoom |
| LA–LB–393–22–23 | A1.2 | 18:30 – 20:30 | ma–je 24.1 | 46h | Zoom |
| LA–LB–596–22–23 | A1.2 | 18:30 – 20:30 | ma–je 24.1 | 46h | Athénée |

| | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| LA–LB–394–22–23 | A2.1 | 09:00 – 11:00 | ma–je 24.1 | 46h | Zoom |
| LA–LB–395–22–23 | A2.1 | 18:30 – 20:30 | lu–me 23.1 | 46h | Athénée |
| LA–LB–396–22–23 | A2.1 | 18:30 – 20:30 | lu–me 23.1 | 46h | Zoom |

| | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| LA–LB–397–22–23 | A2.2 | 09:00 – 11:00 | ma–je 24.1 | 46h | Hellange |
| LA–LB–398–22–23 | A2.2 | 17:30 – 19:30 | lu–me 23.1 | 46h | Zoom |
| LA–LB–399–22–23 | A2.2 | 18:30 – 20:30 | ma–je 24.1 | 46h | Athénée |
| LA–LB–657–22–23 | A2.2 | 18:30 – 20:30 | lu–me 23.1 | 46h | Zoom |

| | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| LA–LB–402–22–23 | A2.3 | 09:00 – 11:00 | lu–me 23.1 | 46h | Zoom |
| LA–LB–403–22–23 | A2.3 | 18:30 – 20:30 | lu–me 23.1 | 46h | Athénée |

| | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| LA–LB–401–22–23 | B1.1 | 18:15– 20:15 | ma–je 24.1 | 46h | Zoom |

| | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| LA–LB–404–22–23 | B1.2 | 09:00 – 11:00 | ma–je 24.1 | 46h | Zoom |
| LA–LB–405–22–23 | B1.2 | 18:30 – 20:30 | ma–je 24.1 | 46h | Zoom |

| | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| LA–LB–406–22-23 | B1.3 | 09:30 – 11:30 | ma–je 24.1 | 46h | Zoom |

DE PROGRAMM VUN DE SUMMERCOURSEN

**Avec le soutien et la participation financière du Ministère**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Service de la formation des adultes

**COURS DE LUXEMBOURGEOIS COURS INTENSIFS D'ÉTÉ 2023**

**Cours via vidéo-conférence**
du 12 juin au 13 juillet 2023
Session de 46 heures, 23 séances de 2 heures par jour du lundi au vendredi
soit le matin de 9:00 à 11:00, soit le soir de 18:30 à 20:30
Tarif 138€ pour le cours intensif de 46 heures

**Cours en présentiel**
du 19 juin au 10 juillet 2023
Session de 45 heures, 15 séances de 3 heures par jour du lundi au vendredi
soit le matin de 9:00 à 12:00, soit le soir de 18:15 à 21:15
Tarif 135€ pour le cours intensif de 45 heures

| CODE | NIVEAU CECRL | HORAIRE | Lieu / Zoom |
|---|---|---|---|
| LA-LB-409-22-23 | A1.1 | 09:00 – 11:00 | |
| LA-LB-410-22-23 | A1.1 | 09:00 – 12:00 | ECG |
| LA-LB-411-22-23 | A1.1 | 18:15 – 21:15 | Athénée |
| LA-LB-412-22-23 | A1.1 | 18:15 – 20:15 | Zoom |
| LA-LB-413-22-23 | A1.1 | 09:00 – 12:00 | Hellange |
| LA-LB-414-22-23 | A1.2 | 09:00 – 12:00 | ECG |
| LA-LB-415-22-23 | A1.2 | 18:30 – 20:30 | Zoom |
| LA-LB-416-22-23 | A2.1 | 09:00 – 11:00 | Zoom |
| LA-LB-417-22-23 | A2.1 | 18:30 – 20:30 | Zoom |
| LA-LB-418-22-23 | A2.2 | 09:00 – 11:00 | Zoom |
| LA-LB-419-22-23 | A2.2 | 18:30 – 20:30 | |
| LA-LB-420-22-23 | A2.3 | 09:00 – 11:00 | Zoom |
| LA-LB-421-22-23 | A2.3 | 18:30 – 20:30 | Zoom |
| LA-LB-422-22-23 | B1.1 | 09:00 – 11:00 | Zoom |
| LA-LB-423-22-23 | B1.1 | 18:30 – 20:30 | Zoom |
| LA-LB-424-22-23 | B1.2 | 09:00 – 11:00 | Zoom |
| LA-LB-425-22-23 | B1.2 | 18:30 – 20:30 | Zoom |
| LA-LB-426-22-23 | B1.3 | 18:30 – 20:30 | Zoom |

## D‘Walfer Bicherdeeg 2022

Den 19. an den 20. November sinn d'Walfer Bicherdeeg, e Samschdeg vun 10 bis 19 Auer an e Sonndeg vun 10 bis 18 Auer. Den Educatiounsministère ass duerch de SCRIPT an den ZLS vertrueden. Dir fannt de gemeinsame Stand an der Hal 2. Am Mëttelpunkt: den neie Reenert, den neie Band vum Lëtzebuerger Wuertschatz, déi 5. Oplo vun der Lëtzebuerger Orthografie a vill  aner flott Bicher.



## 5. Ortho-Oplo

Et ass nach ëmmer e Bestseller, d'Bichelche mat den ofizielle Reegele vun der Rechtschreiwung. Déi 5. Oplo vun der Lëtzebuerger Orthografie ass gratis ze kréien, per E-Mail op lod@lod.lu (d'Adress net vergiessen). A keng Angscht, an der 5. Oplo goufen e puer Feeler a Formulatioune verbessert, un de Reegele gouf net gefréckelt.



## RTL-Dictée am Kader vun de Walfer Bicherdeeg 2022

***De pensionéierten Diktator***

*Haut geet en Iech net méi op d'Strëmp, de Jemp. Bei deem senge verwurrelten Dictéeë mat verwuerelte Wierder bei schlechtem Wieder hunn d'Käpp ëmmer gedämpt.*

*Fannt Dir dat och? Da verzichte mer op dat Gedeessems a ginn a Gedanke spadséieren … op eng Bûche! Op déi Schlabäizche gouf allerlee getässelt: en houfrege Reenert (Renert), eng Schaarschtechbotzesch (Schaaschtechbotzesch) mat wujelegen Hoer, e grujelegt Houfeisen (Huffeisen), e faarwege Reebou, eng Käerz aus Wuess, e Méckeparapléi mat Wues, e risegt Kléiblat, e Ster Brennholz an e schellemzegen Zwerg, dee bal eroffält.*

*D'Gléckssymboler op deem leckere Stéck Beemche ka jiddwereen*jiddwereng gutt gebrauchen, déi zougoudronéiert Natur gradesou wéi eis léif Heemecht, an där geschwënn nees Stëmme geheescht a Kräizer ofgegotzelt ginn. Fir datt d'Lëtzebuerger Beem weider an den Himmel wuessen, d'SUVe weider rullen an d'Klima nawell gerett gëtt. Superwaljoer oblige!*

*Wielegoen (Wiele goen) ass e Mënscherecht. Meenungsfräiheet iwweregens och, um an nieft dem Terrain. Dat gesäit ee souguer mat engem Katarakt. Kee wëll seng Fräiheet amputinéiert kréien. Dofir, Jemp, geséich ech léiwer en aneren Diktator an der Pensioun ewéi dech. Géif en dach nëmmen de Blousse weisen, nondidjö, dat wier tipptopp!*

*Geschriwwe vum Luc Marteling*



*©René Scho Foto vun der RTL-Dictée: (vu lénks no riets) Luc Marteling a Christiane Kremer*

Ënnert de Gewënner vun der Dictée am Lëtzebuergesche waren:
Eis Éierepresidentin Jackie Weber-Messerich. Si huet an der Kategorie "Promien" déi éischt Plaz beluecht.
Eis Formatrice Simone Urbé. Si koum op déi éischt Plaz an der Kategorie "vun doheem aus".
Eis Felicitatiounen!

# Den neie “Reenert”

De Fuss am neie Frack: Fir den 150. Joresdag vun der Publikatioun vum Reenert bréngt de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend eng Nei-Editioun vum Michel Rodange sengem Meeschterwierk eraus.

EDITEUR
SCRIPT an ZLS

REDAKTIOUN A KOORDINATIOUN
Romain Kohn

AUTEUREN
Mohamed Hamdi / Dr. Sam Mersch / Jean-Luc Schleich / Elise Schmit

KORREKTORAT
Isabel Andrade Bento / Dr. Caroline Döhmer / Alexandre Ecker / Alex Gillander / Luc Marteling
Helmuth Sperl / Caroline Thill

ENTWORF VUM BUCH a COVERDESIGN
Michel Welfringer / Fabrice Dehaeseleer

ILLUSTRATIOUNEN a COVERDESIGN
Mia Kinsch

Nieft dem ursprénglechen Text vun 1872, an déi haiteg Orthografie gesat (op Basis vun der Ausgab vun den Éditions Guy Binsfeld), fënnt een am Buch eng Biografie vum Auteur an och Essaien, déi de literareschen an den historeschen Hannergrond beliichten.

Doriwwer eraus ginn am Buch al Wierder, déi net méi jiddwerengem geleefeg sinn, erkläert. Et sinn am Ganzen eng 900 Begrëffer, déi direkt nieft de Versen ze fanne sinn.



## Aus den Nouvellen:

**Déi lëtzebuergesch Sprooch gëtt ëmmer méi populär. Vill Leit wëllen d'Sprooch léieren an dat net nëmmen hei am Land, mee esouguer iwwert d'Grenzen eraus.**

Dofir gëtt d'Offer am Institut national des langues, kuerz INL, permanent weider ausgebaut. Souwuel online, wéi och a Form vu méi Coursen.

---

Déi lëtzebuergesch Sprooch ass esou beléift ewéi ni. Si ass e staarken Integratiounsfacteur zu Lëtzebuerg, net nëmmen an der Beruffswelt, mee och fir den Zesummenhalt vun der Gesellschaft, seet den DP-Educatiounsminister Claude Meisch. Ëmmer méi Leit wëllen d'Sprooch léieren.

*Wa mer déi lescht 10 Joer kucken, dann hu sech d'Zuele vun den Inscriptioune quasi verduebelt. Souwuel am Institut national des langues, wéi och an der Formatioun vum Service de la formation des adultes, déi landeswäit ugebuede ginn.*

## Léier Lëtzebuergesch online (llo.lu)

Fir d'éischt wäerten op der Plattform Coursë fir Ufänger ugebuede ginn. Dëst kéint och fir Leit aus dem Grenzgebitt nëtzlech ginn, well och do klëmmt den Interessi fir d'Sprooch. An Däitschland gëtt scho mat "Volkshochschulen" zesummegeschafft, an der Lorraine mat Gemengen an och a Frankräich ass een a Kontakt mat Formatiounsinstituter fir Erwuessener, fir Coursen unzebidden, betount den Eric Goerens Direkter vum Service de la formation des adultes:

*Den Haaptinterêt kënnt vu Leit, déi wëllen op Lëtzebuerg schaffe kommen. Heiansdo sinn awer och eeler Leit dobäi, déi wëlle Lëtzebuergesch léieren, well se a Kontakt mat der Kultur a Sprooch waren.*

Cibléiert ginn an dëse Coursë Leit, déi a Beräicher wéi de Soinen, der Gesondheet oder dem Horeca-Secteur wëlle schaffen, seet de Claude Meisch. Interessant wier och nach, datt d'Demande fir Coursë souguer iwwert d'Grenze vum Kontinent géing erausgoen. Nodeems Coursen an der Ambassade zu Paräis ugebuede goufen, hätt schonn ënner anerem d'US-Ambassade ugeklappt. Leit mat lëtzebuergeschen Originne géinge sech nämlech och dacks fir d'Sprooch interesséieren.



Entdeckt d’Plattform fir Lëtzebuergesch ze léieren – gratis, iwwerall an zu all Moment. Profitéiert vun Exercicer mat Léisungen, Aktivitéiten, online an op der Plaz, fir Äert Lëtzebuergesch ze perfektionéieren.










(vu lénks no riets) Luc Marteling, Direkter vum ZLS / Luc Schmitz, Sous-Direkter INL
Maisy Gorza, Directrice vum INL / Claude Meisch, Educatiounsminister

## Lod.lu

**Lëtzebuerger Online Dictionnaire:**
intuitiven Design, erweidert Sichméiglechkeeten an eng praktesch API, fir datt jidderee beschtméiglech mat den LOD-Date ka schaffen.




**Zertifikat Lëtzebuerger Orthografie**
Dir léiert Lëtzebuergesch an hutt Loscht bei engem klengen Experiment matzemaachen? Da maacht de 15. Juni 2022 ëm 12 Auer bei der Pilotéierung vum "Zertifikat Lëtzebuerger Orthografie" mat.
Den ZLS huet dësen Test ausgeschafft, zesumme mam INL a mam Lucet, an en ass a senger leschter Entwécklungsphas. Elo siche mer Fräiwëlleger, fir den Test ze testen.
Als Merci kritt Dir zwar nach keen Zertifikat, awer e klenge Kaddo vum ZLS!



# Schreifmaschinn.lu

**Lëtzebuergesch Sproocherkennung**

Braddelt an de Mikro!
E puer Informatiounen iwwer dëse Service:
**Wat ass dësen Tool?** Dat hei ass e Prototyp vun engem Speech-to-text-Programm fir d'Lëtzebuerger Sprooch. De Programm wandelt geschwate Sprooch an en Text ëm. Den Tool gouf mat standardiséierte Radio-Texter trainéiert an ass op dës Textzort spezialiséiert. Deemno kritt een déi bescht Resultater, wann ee lues an däitlech an e Mikro schwätzt a sou mann wéi méiglech Hannergrondgeräischer do sinn.
**Wéi benotzen ech dësen Tool?** Dir hutt d'Méiglechkeet, en Text live an e Mikro ze schwätzen oder e fäerdegen Audio-Fichier eropzelueden. D'Donnéeë ginn direkt vum Tool ausgewäert, dat kann allerdéngs e puer Sekonnen daueren. De geschwaten Text sollt kloer an däitlech artikuléiert ginn. Wéineg Hannergrondgeräischer féieren zu bessere Resultater. Well den Tool mat Radio-Texter trainéiert gouf, kennt e virun allem d'Wierder an d'Aussprooch aus dësem Kontext. Sidd dofir net enttäuscht, wann Der beispillsweis aus dem Reenert virliest an den Text dono net richteg duergestallt gëtt. Als Input kënnt Der och einfach de Beispillstext virliesen (an och ergänzen) an den Tool op dës Manéier testen. De fäerdegen Text gëtt am Textfeld ugewisen. Fir en ze kopéieren, benotzt wgl. de Kopéier-Button (am Feld ganz riets), well mat der Copy-paste-Funktioun vun Ärem Computer d'Espacen tëscht de Wierder verluer ginn.
**Wat geschitt mat den Donnéeë respektiv mat den Audio-Fichieren?** Är Audio-Fichieren an Är spontan ageschwaten Donnéeë gi just fir d'Text-Ëmwandlung benotzt an aner Persounen hu keen Zougrëff drop. Och no der Auswäertung ginn déi Donnéeën net gespäichert. Mir roden do trotzdeem, mat gesondem Verstand drunzegoen a keng sensibel Informatiounen opzehuelen.



## Lancement vum neien Internetsite lux.lu

Am Beräich vun der Lëtzebuerger Sprooch huet sech an de leschte Joren immens vill gedoen an et war wichteg, all d’Informatiounen op enger Plaz ze regruppéieren. Op der neier Internetsäit lux.lu ginn all d’Facettë vun der Sprooch beliicht, mat hirer Geschicht, den Acteuren, déi an deem Secteur schaffen, an de Mesuren a Programmer, déi en place sinn.

Hei fënnt een och Informatiounen iwwer nei Publikatiounen, Initiativen a Mesuren am Beräich vun der Lëtzebuerger Sprooch an et gëtt en online Forum, wou een am Kader vun der Sproocheronn 2022 ka matdiskutéieren.

De Site ass an enger éischter Phas op Lëtzebuergesch online. Weider Sproocheversiounen op Däitsch, Franséisch, Englesch a Portugisesch si geplangt.




**“Lëtzebuerg ouni Lëtzebuergesch kann ech mer net virstellen. Lëtzebuerg mat nëmme Lëtzebuergesch awer och net, dat wier net méi Lëtzebuerg.”**

**Marc Barthelemy, Commissaire fir d’Lëtzebuerger Sprooch, bis 2022**

## Retrospektiv 2021 - 2022

**32. Formateursdag am Centre culturel "An der Eech"**
den 19. Mäerz 2022
Konferenz vu WIKIMEDIA Lëtzebuerg ASBL iwwer Wikipedia

**33. an de 34. Formateursdag um ZLS**
de 7. an de 14. Mee 2022
Test vun der Zertifizéierung vun der Lëtzebuerger Orthografie
Presentatioun vum LOD fuschnei.

**Visite guidée vun de Lampertsbierger Geschichtsfrënn**
de 15. Oktober 2022
En historeschen Trëppeltour iwwer de Lampertsbierg

**Generalversammlung**
de 25. Mäerz 2022 um 19:00 Auer am Sall vum CLAE Gasperech
Ännerung vum Artikel 24 vun de Statuten (D'Comptabilitéit bezitt sech op d'Period vum 1. Januar bis den 31. Dezember)

**Generalversammlung**
den 28. Oktober 2022 um 19:00 Auer am Sall vum CLAE Gasperech
Ännerung vum Artikel 24 vun de Statuten
(D'Comptabilitéit bezitt sech op d'Period vum 1. August bis den 31. Juli)

**Summer- Intensivcoursen**
7 Coursë vum 13. Juni bis de 14. Juli
10 Coursë vum 20. Juni bis den 11.Juli

**1. Sessioun Schouljoer 2021-2022**
20 Coursë vu September bis Dezember

**2. Sessioun Schouljoer 2021-2022**
23 Coursë vu Januar bis Mee

**Conversatiounscours**
50 Stonnen zu Stroossen

**Orthografiescours**
10 Stonnen zu Bierchem

# Merci

fir Äert Engagement,
Är wäertvoll Mataarbecht
an Är Begeeschterung fir eis ASBL!